# COMMUNIQUÉ DE PRESSE

D'CSV Gemeng Jonglënster deelt mat, dass et personell Verännerungen ab dem 1.Abrëll 2025 wäert ginn. De **Raphaël Schmitz**, aktuell 1. Schäffe vun der Gemeng Jonglënster a President vun der lokaler CSV Sektioun, gëtt dës zwee Mandater aus perséinlechen a berufflechen Grënn of.

De Raphaël Schmitz war säit dem 14. Dezember 2021 Schäffe vun der Gemeng Jonglënster an huet an dëser Zäit vill wichteg Entscheedungen, zesumme mat der Sektioun, am Interêt vun der Gemeng getraff. Mir soen him Merci fir säin engagéierten Asaz a seng Leidenschaft am Interêt vun alle Biergerinnen a Bierger ze schaffen.

Den **neien 1. Schäffen** gëtt den **Tom Weber** (43 Joer ; Jurist) an Zweetgewielten op der CSV Lëscht 2023. Hie bréngt eng ëmfaassend Erfarung an déi néideg Qualifikatioune fir dëst Amt mat. Hie freet sech dës nei Aufgab unzehuelen an aktiv zur Weiderentwécklung vun der Gemeng bäizedroen.

**Neie Conseiller** am Lënster Gemengerot wäert de **Mich Weber** (24 Joer ; Student a Politikwëssenschaften) ginn.

An dëser Comitéssëtzung, ass och de Poste vun der **Sektiounspresidentin** nei besat ginn. Hei ass d'**Mireille Hinkel-Tadaszak** vun de Membere fir dëst Amt gewielt ginn.

D'Equipe vun der CSV Jonglënster setzt sech follgendermoossen zesummen: den 1. Schäffen **Tom Weber** an d'Conseillere **Jean Boden, Philippe Trierweiler a Mich Weber**.

Mir si prett, zesumme mat eisem Koalitiounspartner, d'Gemeng Jonglënster weider fit fir d'Zukunft ze maachen!

Jonglënster, de 25. Februar 2025
CSV Jonglënster



Philippe Trierweiler | Tom Weber | Jean Boden | Mich Weber

**Är Vertrieder am Schäffen- a Gemengerot!**